Ried AGO 2024 vum Comitésmember Marco RICHARD
iwert Disziplinaraffairen & syndikalistesch Fräiheeten

Léif Invitéen, léif Kolleginnen a Kollegen, lo hat ech dach wirklech geduecht, meng Ried op der Generalversammlung vum leschte Joër wier di lescht gewiescht. Ech wëll mech jo lues awer secher aus dem gewerkschaftleche Business zerëckzéien, an den aktive Kollegen Platz machen, mee wéi heescht et sou schéin, erstens kommt es anders, zweitens als man denkt.

Et ass eigentlech och en Thema, wat ech viru Joren scho mol ugeschnidden, awer ni sou richteg zu Enn bruecht hat, nämlech d'Disziplinaraffairen an der Police. A well ech lo jo schon iwwer ee Joër an der Pensioun sinn, brauch ech, entgéint mengen Matstreider am aktiven Dëngscht, och keng disziplinaresch Mossnahmen ze fäerten, wann ech mat menger Ried unecken.

Bon, di Leit, déi mech kennen, wëssen, dass ech d'Sachen meeschtens am Détail analyséieren, an dat wou ech haut driwwer schwätzen, ass secher wichteg genuch an den Détail ze goën, well et huet nawell Potential zum Skandal ze mutéieren, soufern et net lo schon een ass. Et ass fir mech och irgendwéi een Déjà-Vu, well et gëtt fir meng Begréffer eendeiteg Parallelen zur Causa SCHLECK, jhust dass et des Kéier d'Police betréfft, an net d'Arméi.

Jo, Dir hudd richteg héieren, et geet och alt erëm ëm syndikalistesch Fräiheet, mee lo mol Eent nom Aneren.

Ech huelen dann zäitlech ee Bessschen aus, mir ginn zerëck an d'Joër 2013. Macht eech keng Suergen, no dësem klengen Exkurs an d'Vergangenheet, kommen ech séier zerëck an d'Géigewart, mee dee Réckblëck ass wichteg fir de Kontext ze verstoën. 2013 ass Gambia un d'Ruder komm, an den deemolege Policeminister Etienne SCHNEIDER hat ganz séier verstanen, dass et an der Police net richteg ronn gelaf ass. Dofir huet hien externen Audit an Optrag ginn, bei dem masseg Verbesserungspotential erkannt ginn ass. D'Conclusiounen vun dem Audit hunn dann och massgeblech als roude Fuedem fir d'Reform vun der Police gedengt, Reform déi mat dem Gesetz vum 1. August 2018 a Musek ëmgesat gouf.

Am Kontext vu menger Ried sinn dann och zwou Recommandatiounen aus dem Audit vu Wichtegkeet, d'Réorganisation territoriale, an d'Décentralisation du processus décisionnel.

Di territorial Réorganisatioun ass komm, well et dem Audit no zevill Kommissariater am Land gouf, besonnesch der klenger Proximitéitskommissariater. Dofir sinn der eng ganz Rëtsch gestrach ginn, respektiv goufe se mam Nopeschkommissariat zesummegeluegt, wéi zum Beispill Fiels a Jonglënster, oder Bartreng a Strossen. Dat hat deemols

politesch Welle geschloën, besonnesch um lokalen Niveau. Zu Recht hunn déi Buergemeeschteren, déi hir Police ewechgeholl kritt hunn, sech Gedanke gemach, wéi dat an Zukunft funktionnéiere sollt an hirer Gemeng. Mee, et gouf hinnen deemols versëchert, dass de Service um Bierger sech mat der Reform nëmme verbessere géif, a fir all Uleies, wier de Chef vun dem neie Kommissariat, wat fir hir Gemeng zoustänneg wier, hire privilégéierten Uspriechpartner.

Haut wësse mir, dass di Proximitéit, déi et zwëschen de Gemengenautoritéiten, hire Bierger, an der Police gouf, leider villeruerts verluer gangen ass. Dat wëll di aktuell Regierung redresséieren an huet sech di lokal Police an de Koalitiounsaccord geschriwwen. Zwee Pilotprojet'en an der Stad an zu Esch kommen éischten Echoen no ganz gudd un.

D'Dézentraliséierung vum Entscheedungsprozess wor och eng Recommandatioun vum externen Audit. Dat klengt komplizéiert, ass et awer net wirklech. Virun der Reform ass awer wirklech fir alles eng Demande un d'Generaldirektioun gemach ginn. Wann een dann eng Äntwert kritt huet, huet et oft eng Eiwegkeet gedauert, dofir sollten no der Reform d'Cheffen op de verschiddenen Echelon'en responsabiliséiert ginn, fir dass di bescht méiglech Décisioun zäitnoh um déifstméiglechen Niveau geholl géif.

Op engem vun deenen neie Kommissariater, wou en engagéierten an eifrege Chef mat senge Leit de Proximitéitsgedanken eescht geholl hat, si regelméisseg Velospatrulle gefuer ginn. D'Beamte wore mat uralen Drotiesel'en vun der Verwaltung ausgerüst, wat déi Aufgab net wirklech vereinfacht huet. Zwee Buergemeeschter, déi des Velospatrullen absolut begréisst hunn, well d'Polizisten dodurch noh beim Bierger woren, hunn dem concernéierten Chef proposéiert, 2 modern E-Biken zur Verfügung ze stellen, fir de Polizisten et ze erméiglechen dësen Service um Bierger ze vereinfachen an ze verbesseren. Well an der Police keng E-Biken ze kréie woren, huet de Chef, nom Credo vum dézentraliséierten Décisiounsprozess décidéiert, déi Offer unzehuelen. Gesot gemach, kuerz drop sinn d'Beamte vun dem Kommissariat mat neien E-Bikes op Velospatrull gefuer, zur vollster Zefriddenheet vun der Gemeng an de Bierger, mee scheinbar net vun der Hiérarchie vun der Police.

Irgendengem an der Hiérarchie huet dee Succès vun der Coopératioun op lokalem Niveau allem Uschein no net geschmacht, frot mech net firwat. Dem Chef vun dem Kommissariat gouf dann op ee Mol en Ordre de justification wéinst der Sach mat den E-Bikes ausgestallt.

De Chef huet den Ordre de justification beäntwert, an d'Affär ass dunn ouni weider Suite klasséiert ginn.

T'jëfft, lo krut een déi gudd Initiative awer net sou einfach topédéiert, an et hu méi schwéier Geschützer agesat gi mussen. De Service juridique vun der Police war chargéiert ginn een Avis zu der Coopératioun zwëschen den 2 Gemengen an dem

Kommissariat, a besonnesch dem Benotzen vun 2 « Gemengeveloën » ze verfassen. Well den sougenannten Avis, op Basis vu falschen Argumenter, zur grousser Iwweraschung vun allen, net positiv ausgefall wor, gouf vun der Generaldirektioun décidéiert, di E-Biken dierfte vun de Beamten vum Kommissariat net méi benotzt ginn a missten de Gemenge restituéiert ginn.

Den zoustännege Régionaldirekter huet di zwee Buergemeeschter an engem Bréif, ënner hëchstem Bedaueren, doriwwer informéiert, an dat betraffent Kommissariat mat der Restitutioun vun den E-Bikes chargéiert.

De betraffene Chef vun der Unitéit hat awer, an Zesummenarbecht mat senger Personalvertriedung, erausfond, dass den Avis vum Service juridique senges Nummes net würdeg wor. Hien huet de Régionaldirekter doriwwer informéiert, a gebieden d'Décisioun vun der Ënnerbriechung vun der Zesummenarbecht mat de Gemengen ze iwwerdenken. Fairer Weis hat de Chef eng Kopie vun dem Rapport un di zwee betraffe Buergemeeschteren, an u seng Personalvertriedung gescheckt, fir déi ze informéieren, et hat ee jo gehofft, di flott Collaboratioun kéint am Intérêt vun der Sach trotzdem weidergefouert ginn.

De Régionaldirekter huet dorop nach geäntwert, et géif ee probéieren, de Gemengen di Velo'en ofzekafen, wat um Enn vum Lidd awer och net méiglech wor. Di zwee E-Biken sinn ouni weider Verzögerung also un d'Gemengen restituéiert ginn, an et gi lo keng Velospatrullen méi do gefuer. Dat ass secher keng Verbesserung vun der Proximitéitsmissioun.

Net schlecht gestaunt huet de Chef vun dem Kommissariat, wéi en op ee Mol vun der IGP iwwer eng Disziplinarinstruktioun am Dossier E-Bike informéiert gouf. De virdru genannte Regionaldirekter hat de Chef vum Kommissariat ugezeigt wéinst Refus d'ordre, well hien d'E-Biken net direkt un Gemengen restituéiert hätt, Drock op hien ausgeübt hätt, wéinst der Informéierung vum SNPGL, an nach Verstéiss géint di aner üblech Lastiksparagraphen.

Anzwëschen ass de Chef op der IGP am Verhéier gewiescht, di 1. Versioun vum Rapport d'instruction ass ofgeschloss an dem Chef zougestallt ginn. Dee wor der Meenung, dass ee Complément d'instruction misst gemach ginn, an huet eng entspriechend Demande mat 8 Punkten un d'IGP gericht, dorënner dee vun der juristescher Analyse vun der Richtegkeet vum Avis vum Service juridique. Bis op ee Punkt vun 8 ass all Complément d'instruction vun der IGP refuséiert ginn, notamment och dee vun der Iwwerpréifung vun der Richtegkeet vum Avis vum Service juridique vun der Police, obschonn deen elementar wichteg erschengt an dem Dossier. Laut der IGP géif et hinnen net zoustoën sech dozou ze prononcéieren.

Well de betraffene Chef awer der Meenung ass, dass dat zu senger Entlaschtung beidroë kéint, huet hien sech selwer drëm gekëmmert, an en juristeschen Avis zum Avis

vum Service juridique vun engem Affekot erstelle geloss. Doraus geet onmëssverständlech ervir, dass den Avis vum Service juridique vun der Police sain Numm nët verdingt: lacunär ass, an etlech Feeler begreift. Dësen Avis huet de betraffene Chef der IGP zoukomme geloss, fir dass en an den Dossier afléisse kann.

Den Dossier ass no der Demande vum Complément d'instruction vum 12. Juli 2024 nach net rem ofgeschloss.

Lo frot Dir Iech wahrscheinlech, wuerfir verzielt hien eis dat alles eigentlech. Ma et ass ganz einfach, de betraffene Chef ass keen Aneren wéi de Generalsekretär vum SNPGL, de Christian HOFFMANN, an di betraffen Unitéit ass d'Commissariat Porte de l'Ouest, mat de Gemengen Stroossen a Bartreng.

Dir sidd hoffentlech alleguer eens mat mir, wann ech behapten, et ass dach net normal, wann ee motivéierten, an dozou onbescholtene Beamten fir eng Initiative, déi hien am Intérêt vun der Police, der hirer Proximitéitsmissioun an hire Beamten ergreift, dobäi eppes Positives bewirkt fir d'Bierger an d'Zesummenarbecht zwëschen de Gemengenautoritéiten an der Police, dass deen eng Affaire disciplinaire gemach kritt.

Ech soën iech, dat stënkt zum Himmel, a mir sinn der fester Iwwerzégung, déi mat den Hoër erbäigezunnen Affaire ass vun Ufank un konstruéiert ginn, mat dem Zil de Chef vun der Unitéit, den als Generalsektretär vum SNPGL do einfach stéiert, vu sengem Posten ze écartéieren.

Säit der Affär E-Bike kritt den Hoffmanns Chrëscht, bis dohinn en onbescholtenen Beamten, op gudd Lëtzbuergesch fir all Schäiss, eng Affaire disciplinnaire gemach. Kuerz nom Dossier E-Bike, koum d'Affaire Roude Bic, déi hir Originen och op der Regionaldirektioun zu Esch huet.

Komesch, fannt Dir net, méi wi zwanzeg Joër en eifregen an motivéierte Beamten, an dann ass ee knaps Generalsekretär vum SNPGL, an ass am Kader vun der gewerkschaftlecher Missioun secher dem Engen oder Aneren op de Schlips getrëppelt, da gëtt mat alle Mëttel probéiert hien platt ze machen.

Am Kader vun der Affär Roude Bic, hat de Chrëscht zwee Membere vu senger Unitéit, eng Zivilbeamtin, an ee Polizist, als Entlaschtungszeien uginn. Wéi déi op d'IGP convoquéiert gi sinn, fir ënner Eed hir Ausso ze machen, sinn si offensichtlech aus dem Entsetzen net erauskomm. Sou wéi ee verlauschtert, sinn si, allen Zwee onofhängen vun eneen, do op eng absolut inakzeptabel Art a Weis vun den Enquêteure behandelt ginn. Si hu sech sou ënner Drock gesat gefillt, well hir Aussoën den Enquêteure scheinbar net an de Krom gepasst hunn, dass si sech dowéinst bei der Verwaltungscheffin, der Generalinsektesch vun der Police, beschwéiert hunn.

Kolleginnen a Kollegen, Dir wësst alleguer, wat geschitt, wann ee vun Iech op eng inakzeptabel Art a Weis mat Zeien oder aner Bedeelegten an enger Affär emsprëngt. Wann do ee sech iwwer Iech beschwéiert, da gëtt, zu Recht, direkt eng Enquête opgemach fir der Sach op de Fong ze goën, well ee Polizist huet absolut neutral un all Dossier'en erunzegoën.

D'Madame Generalinspektesch, schrëftlech iwwer potentiel Feelverhalen vun zwee vun hiren Enquêteuren informéiert, huet et mol net fir néideg fond, deene Leit ze äntwerten, obschonn de Code de bonne conduite administrative an der Fonction publique, wou d'Inspection générale och dozou gehéiert, virgesäit, dass all Bierger, deen un eng Verwaltung schreiwt, eng ausféierlech Äntwert kritt. Heescht dat zum Eischten net, dass di iewescht Hüterin vum deontologesche Gral vun der Police, sech selwer net un d'Regelen hält? Oder kennt si dee Code de bonne conduite, deen et ëmmerhin säit 2017 gëtt, éiere guer net?

Dierf een sech net zu Recht froën, wéi op der IGP mat sou schwéierwiegende Reclamatiounen ëmgange gëtt? Mir sinn eis secher alleguer eens, dass et keen Zweifel dierf ginn, weder iwwer d'Arbecht vun der Police, nach iwwer déi vun der IGP, well do si Leit, déi ënner Ëmstänn hannendrunn Décisiounen huelen, oder Sanktiounen sprieche mussen, an déi musse sech zu 100 % op d'Arbecht vun der Police, an och déi vun der IGP verlosse kënnen.

Wann eng Institutioun wéi d'IGP glaawwirdeg wëll sinn a bleiwen, ass et dann net selbstverständlech, dass sou Reclamatiounen absolut eescht geholl, an opgeschafft ginn?

Di betraffen Zeien hu sech mangels jeglecher Äntwert oder Reaktioun vu Säite vun der Madame Generalinspektesch gezwonge gesinn hir Personalvertriedung, respektiv d'CGFP doriwwer ze informéieren.

Den SNPGL huet quasi direkt mam MAI Konkat opgeholl, fir dee kriddelege Sujet an enger Réunioun mam Minister nach virun eiser Generalversammlung ze beschwätzen, notamment well et net fir t'Eischt wor, dass ee vu sou Beschwéierden iwwer d'Verhale vu Beamten vun der IGP Kenntnis kritt.

Vu Säite vum Ministère ass ee gewuer ginn, dass et scho méi sou Beschwéierde géif, an dass ënner Anerem och dofir lo en Audit iwwer de Funktionnement vun der IGP géif gemach ginn. Dem Resultat vun dem Audit wéilt de Minister net virgreifen, an dofir géif et lo kuerzfristeg keng Réunioun zu dem Thema.

Eisen Dachverband, d'CGFP huet natirlech och ee Bréif zu dem Sujet un den Här Minister Gloden Gericht, an d'Wichtegkeet vun enger Entrevue ënnerstrach.

Komescherweis huet, nodeems de Bréif vun der CGFP scheinbar fir t'éischt um falsche Pult geland wor, den Officier de Liason vum MAI sech Enn leschter Woch bei eiser Presidentin gemellt, fir eng Entrevue mat him zu dem Thema ze proposéieren, well dem Minister selwer virun eiser AGO net disponibel wier.

Mir hunn am Comité beschloss, dass dat Thema wichteg genuch ass, fir op de Moment ze woarden, wou den Här Minister selwer Zäit huet, fir de Sujet ze beschwätzen. Hien wäert sech der Brisanz vum Thema no eiser Generalversammlung ëmsou méi bewosst ginn.

Et stelle sech an dem Zesummenhang ee puer berechtegt Froën:

Wéi geet d'Verwaltungscheffin mat Reklamatiounen géint hir Beamten ëm? Huet si scho mol en Ordre de justification ausgestallt, oder villeicht scho Mol eng Instruction disciplinaire déclenchéiert? Ass bei sou Verfahren ëmmer en irréprochabelt Verhalen vun de betraffene Leit geschlussfolgert ginn? A l'Instar vum Conseil national de la Justice fir d'Magistratur, an dem Comité d'éthique fir de Gouvernement, wien iwwerwacht d'IGP?

Kolleginnen a Kollegen, dat Thema hei ass net fir op di licht Schëller ze huelen, well all Gudden Dag ass ee vun Iech mat enger Affaire disciplinaire konfrontéiert. Dir a mir mussen eis kennen drop verlossen, dass déi fair a gerecht Oflafen, vun Ufank bis zum Schluss. Dat gëtt engem emsou méi kloër, wann ech Iech de Fortgang an der Causa Hoffmann erzielen, well déi wor nach net färdech.

De virdru schon öfters zitéierte Regionaldirekter ass anzwëschen Trap eropgefall, a seit ee puer Méint Zentraldirekter a Member vum Comité directeur vun der Police. Kuerz ier hien des Ernennung krut, hat hien schon erem géint den Hoffmanns Chrëscht geschriwwen. Des Kéier scheinbar op Grond vun engem Rapport vum SBET, dem Service Bien Être au Travail. Do huet den deemolege Regionaldirekter erausgeliess, dass den Hoffmann's Chrëscht als Chef op sengem Posten net méi tragbar wier, well hien net mat Leit ëmgoë kéint, an d'Arbechtsklima vergëfte géif. Dat koum dem deemolege Regionaldirekter, haut Zentraldirekter, wahrscheinlech grad zu Paass, well den 18. März 2024 huet hien ee Rapport un den deemolege Generaldirkter geschriwwen, mat der onmëssverständlecher Conclusioun, dass de Chëscht vu sengem Posten misst ewechgeholl ginn. Da geschitt méi wi 4 Méint näischt an dem Dossier, bis den 29. Juli 2024 dowéinst di nächst Notificatioun vun enger Disziplinarinstructioun an der Bréifkëscht leit, rem en Dossier, dee komplett mat den Hoër erbäi gezunn ass

Kolleginnen a Kollegen, des nei Affär bestätegt eisen Androck, dass hei mat alle probéiert gëtt, den Hoffmanns Chrëscht ofzeséen. Dofir hunn ech am Ufank vu menger Ried vun engem Déjà-Vu geschwat. Ech gesinn eng erschreckend Ähnlechkeet mat der Causa SCHLECK, hei muss rem ee Syndikalist, deen oft onbequem ass, d'Flilleke gestutzt kréien. Aus dem Grond gëtt dann eng Affaire disciplinnaire un der Aner

konstruéiert, frei nom Prinzip, steter Tropfen hölt den Stein. Sou Tricken machen op Dauer dat stärkste Pärd freckt, mee, Kolleginnen a Kollegen, wann dat d'Zil sollt sinn, da solle si d'Rechnung net ouni den SNPGL machen.

Mir stelle fest, et leeft nach ëmmer Villes schief an der neier Police grand-ducale, mee och an der Inspection générale, an et gëtt héich Zäit, dass dat op de Leescht geholl gëtt. Mir sinn zouversichttlech, dass dat mat dem neie Generaldirekter Pascal PETERS méiglech ass, an och dass mir beim Minister Gloden en opent Ouer fannen, fir iwwer déi Problemer ze schwätzen, an se ze behiewen. An do sinn der, vun deenen ech lo nach guer net geschwat hunn, mee sidd secher, mir brengen se op der richteger Platz zur Sprooch.

Merci fir Är Opmierksamkeet.